N°4290
Entrée le 28.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet, Martine Deprez, op d'parlamentaresch Fro N° 4290 vum 22. Juni 2026 vum honorabelen Deputéierten Tom Weidig zum Sujet "Tourisme de la drogue".**

1. **Verfüügt d'Regierung iwwer Statistiken oder Analysen iwwert d'Profil vun de Benotzer vun Drogesozialstrukturen (z.B. Abrigado), besonnesch wat Nationalitéit, Gebuertsland, Residenzstatus, an e fréiere Bezuch zu Lëtzebuerg ugeet?**

D'Auswäertung vun de RELIS[1]-Donnéeë fir d'Referenzjoer 2024 weist, datt ënnert de Befroten, déi d'Konsumraim vum Abrigado a Contact Esch benotzt hunn (127 Persounen):

- 50,4% zu Lëtzebuerg gebuer sinn;
- 19,7% a Portugal gebuer sinn;
- 52,0% déi lëtzebuergesch Nationalitéit hunn an;
- 18,4% déi portugisesch Nationalitéit hunn.

Aner Länner, déi als Gebuertsland oder Nationalitéit genannt goufen, si Frankräich, Tunesien, Marokko, Däitschland, Italien, Rumänien, Cap Vert an Algerien.

De Lëtzebuergesche Point Focal vun der Europäescher Drogenagence verfüügt iwwert keng Donnéeën betreffend de Residenzstatus.

2. **Deelt d'Regierung d'Aussoe vu kommunale Politiker aus der Stad, datt de gréissten Deel keen direkte Bezuch zu Lëtzebuerg huet? Op wéi engen Donnéeë stäipt si sech?**


D'Regierung verfüügt net iwwer Donnéeën, déi et erlaben, dës Ausso ze verifizéieren oder ze bewäerten.

3. **Wéi huet sech dëse Phenomeen an de leschte fënnef Joren entwéckelt?**

[1] D'RELIS-Datenerhiewung gëtt all Joer vum lëtzebuergesche Point Focal vun der Europäescher Drogenagence (PFLAD) duerchgefouert. Si erfaasst Donnéeë bäi Héichrisikodrogekonsumenten, déi mat engem Behandlungsservice oder engem niddregschwellegen Déngscht a Kontakt stinn. Am Kader vun dëser Datenerhiewung ginn ënner anerem Informatiounen iwwert d'Gebuertsland an d'Nationalitéit vu Persounen erhuewen, déi wéinst Problemer am Zesummenhang mam Substanzkonsum a Behandlung sinn. Bei der RELIS-Datenerhiewung handelt et sech ëm eng net representativ Stéchprouf, déi net op d'Gesamtpopulatioun vun de Benotzer vun dëse Servicer iwwerdroe ka ginn. Déi virgeluechte Resultater sinn dofir mat der néideger Virsiicht ze interpretéieren.

D'Auswäertung vun de RELIS-Donnéeë fir d'Joren 2020 bis 2024 weist keng bedeitend Entwécklung oder Tendenz wat d'Gebuertsland oder d'Nationalitéit vun de Clientë vun den niddregschwellegen Déngschter Abrigado a Contact Esch ugeet. Weder d'Verdeelung no Gebuertsland nach de Residenzstatus vun de Cliente hunn sech iwwer dëse Referenzzäitraum wesentlech verännert.

### 3.1. Gebuertsland vu Clienten am ABRIGADO & CONTACT ESCH 2020-2024





| | Lëtzebuerg | Portugal | Frankreich | Tunesien | Marokko | Däitschland | Italien | Rumänien | Cap Vert | Algerien | Belsch | Kosovo | Anerer |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 2020 (%) | 55,8 | 15,6 | 9,1 | 0,0 | 0,0 | 3,9 | 1,3 | 1,3 | 1,3 | 0,0 | 2,6 | 0,0 | 9,1 |
| 2021 (%) | 62,1 | 18,4 | 2,3 | 0,0 | 2,3 | 5,7 | 1,1 | 1,1 | 0,0 | 1,1 | 2,3 | 1,1 | 2,5 |
| 2022 (%) | 45,1 | 29,4 | 5,9 | 4,9 | 1,0 | 2,0 | 2,0 | 1,0 | 0,0 | 0,0 | 3,9 | 1,0 | 3,8 |
| 2023 (%) | 54,1 | 23,5 | 6,1 | 2,0 | 1,0 | 1,0 | 4,1 | 0,0 | 0,0 | 0,0 | 3,1 | 3,1 | 2,0 |
| 2024 (%) | 50,4 | 19,7 | 8,7 | 3,9 | 2,4 | 1,6 | 0,8 | 1,6 | 1,6 | 2,4 | 0,8 | 0,8 | 5,3 |

2020 (%) 2021 (%) 2022 (%) 2023 (%) 2024 (%)

*Note:* 2020: N = 77; 2021: N = 87; 2022: N = 102; 2023: N = 103; 2024: N = 127

### 3.2. Nationalitéit vu Clienten am ABRIGADO & CONTACT ESCH 2020-2024





| | Lëtzebuerg | Portugal | Frankreich | Tunesien | Marokko | Däitschland | Italien | Rumänien | Cap Vert | Algerien | Belsch | Kosovo | Anerer |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 2020 (%) | 54,5 | 18,2 | 9,1 | 0,0 | 0,0 | 0,0 | 1,3 | 1,3 | 1,3 | 1,3 | 5,2 | 0,0 | 7,8 |
| 2021 (%) | 54,5 | 23,9 | 4,5 | 0,0 | 1,1 | 5,7 | 3,4 | 1,1 | 0,0 | 1,1 | 2,3 | 1,1 | 1,3 |
| 2022 (%) | 37,6 | 33,7 | 7,9 | 4,0 | 1,0 | 2,0 | 4,0 | 2,0 | 0,0 | 1,0 | 5,0 | 1,0 | 0,8 |
| 2023 (%) | 53,5 | 24,8 | 6,9 | 2,0 | 2,0 | 0,0 | 4,0 | 0,0 | 0,0 | 0,0 | 3,0 | 2,0 | 1,8 |
| 2024 (%) | 52,0 | 18,4 | 8,0 | 4,8 | 0,8 | 2,4 | 3,2 | 1,6 | 0,8 | 2,4 | 0,8 | 0,8 | 4,0 |

2020 (%) 2021 (%) 2022 (%) 2023 (%) 2024 (%)

*Note*: 2020: N = 76; 2021: N = 86; 2022: N = 101; 2023: N = 98; 2024: N = 121

3.3. Nationalitéit an/oder zu Lëtzebuerg gebuer am ABRIGADO & CONTACT ESCH 2020-2024




| | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|
| Anerer | 38,2% | 38,4% | 51,5% | 41,8% | 41,3% |
| Zu Letz. Gebuer an/oder letz. Nationalitéit | 61,8% | 61,6% | 48,5% | 58,2% | 58,7% |

**4. Wat ass den Undeel vun den Täter am Beräich vun der Drogekriminalitéit, déi kee Residenzstatus zu Lëtzebuerg hunn?**

D'Analyse vun der Police baséiert sech op d'Verhaftungsstatistiken am Beräich vun der Drogekriminalitéit. Dës weisen, datt ronn 30% vun de verhaften Persounen eng registréiert Adress zu Lëtzebuerg , ronn 35% eng Adress am Ausland an ongeféier 35% iwwerhaapt keng registréiert Adress haten.

**5. Wéi eng Mesurë gi geholl, fir geziilt géint grenziwwerschreidend Drogekriminalitéit a géint méiglechen Drogentourismus virzegoen? Wéi funktionéiert d'Kooperatioun mat den Nopeschlänner an dësem Beräich?**

Déi grenziwwerschreidend polizeilech Zesummenaarbecht stellt e wichtege Pilier am Kampf géint déi organiséiert Kriminalitéit duer. Dofir steet den Innenminister a reegelméissegem Austausch mat sengen auslänneschen Homologen.

Fir déi polizeilech Zesummenaarbecht weider ze stäerken an nach méi effizient ze gestalten, schafft den Inneministère drun déi bilateral Accorde mat Däitschland a Frankräich ze erneieren, fir dëst un déi aktuell an zukünfteg Sécherheetsufuerderungen an operationell Besoinen unzepassen.

Fir géint d'grenziwwerschreidend Drogekriminalitéit an de méiglechen Drogentourismus virzegoen, setzt d'Police grand-ducale an Zesummenaarbecht mat der *Administration des douanes et accises* op eng enk national an international Zesummenaarbecht souwéi op geziilt operationell Kontrollmoossnamen.

Wat den Drogentourismus ugeet, bedeelegt sech Police grand-ducale schonn zanter 2006 un der internationaler *Opération Étoile*, déi zesumme mat de Benelux-Länner a Frankräich organiséiert gëtt. Dës Missioun huet zum Ziel, den Drogentourismus an der grenziwwerschreidender Drogekriminalitéit duerch gemeinsam Policekontrollen an en enken Informatiounsaustausch tëscht de bedeelegte Staaten ze bekämpfen.

Am Kader vun dëser Kooperatioun ginn all Joer gemeinsam Asazwochen organiséiert, wärend deenen d'Policeautoritéiten hir Kontrollen ofstëmmen, Informatiounen an Echtzäit austauschen a geziilt géint Drogentransporter an aner Forme vun der grenziwwerschreidender Drogekriminalitéit virginn.

Doriwwer eraus hëlt d'Police grand-ducale reegelméisseg un internationale gemeinsame Kontrollaktiounen deel, wéi beispillsweis der Missioun « Victor Romeo », déi ënner der Koordinatioun vun Europol duerchgefouert gëtt. Dës Operatioun konzentréiert sech besonnesch op d'Detektioun vu speziell ëmgebaute Gefierer mat professionelle Verstecker ("Cachen"), déi fir den Transport vu Betäubungsmëttel, grousse Boergeldzommen, Waffen oder anere verbuedene Gidder benotzt ginn. Gläichzäiteg erméiglecht dës Operatioun en intensiven Informatiounsaustausch an eng koordinéiert Virgehensweis tëscht de bedeelegte Policeautoritéiten.

Nieft dësen internationale Missioune ginn och permanent geziilt Kontrollen op de verschiddenen Entréespunkten an d'Land duerchgefouert. Dëst betrëfft notamment:

- de Postverkéier ;
- Passagéier a Gepäck um Fluchhafen ;
- d'Loftfracht ;
- souwéi de Gidderverkéier.

Dës Kontrollen erfollegen an enker Zesummenaarbecht tëscht der *Administration des douanes et accises* an der Police grand-ducale. Dobäi kommen ënner anerem Risikoanalysen, modern Röntgentechnologien, Drogenspierhënn an aner spezialiséiert Kontrollmëttel zum Asaz, fir verdächteg Persounen, Sendungen a Gidder gezielt erauszefilteren.

Reegelméisseg ginn zesumme mat de Policeautoritéite vun den Nopeschlänner gemeinsam Kontrollen an den Zich, am ëffentlechen Transport, op den Haaptverkéiersachsen an op de Grenziwwergäng organiséiert. Dës gemeinsam Asätz ginn duerch en enken an permanente Informatiounsaustausch tëscht de Police- a Justizautoritéite vun den Nopeschstaaten ergänzt. Zousätzlech schafft d'Police grand-ducale am Kader vu gemeinsamen Ermëttlungen, grenziwwerschreidenden Observatiounen an gemeinsame Enquêtegruppen enk mat hire Partner zesummen.

Op europäeschem Niveau ass Europol e wichtege Partner an der Bekämpfung vun der grenziwwerschreidender Drogenkriminalitéit. D'Police grand-ducale benotzt d'SIENA-Plattform (Secure Information Exchange Network Application) fir e sécheren a séieren Informatiounsaustausch mat de Police- a Justizautoritéiten an den anere Memberstaaten. Dëst erméiglecht et, kriminell Netzwierker, Transportrouten a Modi Operandi fréi z'identifizéieren an international Ermëttlungen effizient ofzestëmmen.

D'Police grand-ducale bedeelegt sech ausserdeem aktiv un den Aktivitéite vum EMPACT (European Multidisciplinary Platform Against Criminal Threats), dem europäesche Kooperatiounskader fir d'Bekämpfung vun de prioritärste Forme vun der seriöser an organiséierter Kriminalitéit. Am Kader vun dëser Plattform ginn zesumme mat den anere Memberstaaten an den europäeschen Agencë gemeinsam Operatiounen, koordinéiert Ermëttlungen a gezielte Kontrollaktioune geplangt an ëmgesat.

Dës enk national, grenziwwerschreidend an europäesch Zesummenaarbecht ass e wesentleche Bestanddeel vun der Strategie vun der Police grand-ducale, fir géint déi mobil, flexibel an international vernetzt kriminell Netzwierker am Beräich vun der Drogekriminalitéit virzegoen.

Och déi Lëtzebuerger Justizautoritéite kooperéieren reegelméisseg mat hire Homologen aus de Nopeschlänner am Kader vun der europäescher Rechtshëllef. Des weideren ass am Mee 2025 e Kooperatiounsaccord tëscht de Procureurs généraux vu Lëtzebuerg, Metz a Nanzeg ënnerschriwwe ginn, déi d'Kooperatioun tëscht Lëtzebuerg a Frankräich stäerkt an den Informatiounsaustausch tëscht de Justizautoritéite viséiert, dëst haaptsächlech am Beräich vun der grenziwwerschreidender Drogekriminalitéit.

Doriwwer eraus sinn am Kader vum "Drogendësch 2.0.", op Initiativ vum Justizministère, verschidde Gesetzer gestëmmt ginn, wéi z.B. d'Gesetz vum 19. Dezember 2025 iwwert d'Modifikatioun vum Artikel 88-2, Paragraph 2, vum Code de procédure pénale, wat d'Sonorisatioun an d'Erfaassung vun informateschen Donnéeën och am Kampf géint den Drogenhandel erméiglecht, oder d'Gesetz vum 12. Dezember 2025 iwwert d'Modifikatioun vum Code pénal an dem Code de procédure pénale wat d'Mini-Instruktioun reforméiert fir esou d'Enquête kënnen ze beschleunegen. Och si weider Projete vum Justizministère um Instanzewee, wéi de Projet de loi iwwer d'Aféiere vun enger "Comparution accélérée" oder de Projet de loi fir eng nei Infraktioun anzeféiere betreffend Transportmëttel, déi mat geheime Compartimenter equipéiert sinn, fir illegal Géigestänn ze verstoppen oder ze transportéieren. Ausserdeem soll den Text d'Effikassitéit vu bestëmmten Ermëttlungsmëttele verbesseren, andeems d'Bestëmmunge betreffend Observatiounen vun der Police ugepasst ginn.

Lëtzebuerg, den 28. Juli 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN